



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/03/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Gläichheet tëscht Fraen a Männer & Aarbecht weiderzeleeden.

De Ministère fir d'Gläichstellung tëschent Fraen a Männer huet rezent eng nei Informatiounscampagne gestart, an der d'Stereotype vum genderspezifische Verhalensweisen opgebrach solle ginn. D'Ministesche huet heizou erwäant, dass et nach 308 Joer kéint dauere bis eng absolut Gläichheet tëscht de Geschlechter erreecht kéint ginn.

Et ass effektiv esou, dass Fraen a ville Liewensberäicher wéineg bis guer net representéiert sinn. A menger parlamentarescher Fro n° 1270 hat ech d'Ministesche op de Fakt opmierksam gemaach, dass Fraen an der kathoulescher Relioun wéinst hirem Geschlecht net kënne Paschtouer ginn. D'Ministesche huet an hirer Äntwert argumentéiert, dass eng Gläichheet vu Fra a Mann am reliöse Glaawenskonstrukt géing d'Grondrecht op Reliounsfräiheet aushillegen.

D'Fro, déi sech an dem Kontext stellt ass, ob dat konstitutionell virgesaten Zil vun der Gläichberechtigung tëschent Mann a Fra ab dem Moment onméiglech gëtt, an dem Reliounsfräiheet spezifesch Geschlechter fir gewëssen Aktivitéiten ausschléisst. Wann engersäits an der Verfassung steet, dass de Staat d'Eliminéierung vun de Ongläichheeten tëscht de Geschlechter virundreiwe muss an anerersäits d'Reliounsfräiheet dësem verfassungsrechtlechen Zil Grenzen opsetzt, dann ass d'Ënnerfaange vun der "absolutter Gläichstellung", vun der d'Ministesche schwätzt, wéinst der Géigesätzlechkeet vu béide Grondgesetzartikelen eventuell zum Scheitern verurteilt.

Dës Kontradiktioun vu béiden Artikelen schléit sech deemno och an eise Gesetzer erëm, esou zum Beispill am Aarbechtsgesetz. Hei gesäit den Artikel L.252-1 Ausnahmestëmmunge vir, an deenen Diskriminéierung méiglech sinn. Zum Beispill leit keng Diskriminéierung vir, wann

(1) en raison de la nature d'une activité professionnelle ou des conditions de son exercice, la caractéristique en cause constitue une exigence professionnelle essentielle et déterminante, pour autant que l'objectif soit légitime et que l'exigence soit proportionnée.

oder wann

(2) Si dans les cas d'activités professionnelles d'églises et d'autres organisations publiques ou privées dont l'éthique est fondée sur la religion ou



www.piraten.lu



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

les convictions, une différence de traitement fondée sur la religion ou les convictions d'une personne est prévue par des lois ou des pratiques existant au 2 décembre 2000, celle-ci ne constitue pas une discrimination lorsque, par la nature de ces activités ou par le contexte dans lequel elles sont exercées, la religion ou les convictions constituent une exigence professionnelle essentielle, légitime et justifiée eu égard à l'éthique de l'organisation.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ass et méiglech, dass Betriber an Organisatiounen, am Liicht vum Artikel L-252-1 vum Aarbechtsgesetz, Fraen op Grund vun hirem Geschlecht ausschléisse kënnen? Falls jo, wéi eng Beruffer zu Lëtzebuerg stinn ënner dësen Dispositiounen aktuell net fir Fraen op?
2. Op RTL.lu gëtt d'Ministesch fir Gläichstellung wéi folgt zitéiert:

"Oft kënnt och aus de Gespréicher eraus, dass deen ee Beruff fir si méi fir d'Fraen ass an deen anere méi fir d'Männer. Mä eigentlech sollten d'Beruffer jidderengem zoustoen. Jiddereen, dee Loscht huet, dat ze maachen, soll och d' Chance an d'Méiglechkeet kréien, dat ze maachen."

Ass d'Ministesch politesch der Iwwerzeegung, dass dës Prinzip och fir de Paschtouerberuff gëlle misst?

3. Gesäit d'Regierung een Handlungsbedarf, fir déi genannte Grondgesetzartikelen an een Aklang ze bréngen? Falls nee, ass d'absolut Gläichstellung, wéi d'Ministesch se genannt huet, an dem Fall iwwerhaapt z'erreechen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député



www.piraten.lu